
# Bicherdag 2022

## Cycle 1:

### D'Faarwemonster


Eis Klass huet sech d'Buch „Das Farbenmonster" eraus gesicht. Nodeems mir d'Faarwemonster an enger éischter Etapp kennegeléiert hunn, hu mir déi Woch drop d'Geschicht vum Faarwemonster an der Schoul gelies.










No der Geschicht hu mir mat de Kanner iwwert déi verschidde Gefiller an den domat verbonne Faarwe geschwat.
Hei weise mir iech e puer Aktivitéiten, déi mir an eiser Klass gemaach hunn:
D'Kanner hunn all zesummen d'Faarwemonster mat Kapla nogeluecht.










An enger anerer Aktivitéit kucken mir mat den Kanner eng speziell Säit am Billerbuch. An zwar d'Säit wou d'Faarwemonster lauter gemëschten Gefiller huet an d'Lina him hëlleft dës ze sortéiere. D'Kanner léieren esou ewéi wichteg ët ass, séngen Gefiller ze erkennen an hinnen eng Plaz ze ginn.
D'Kanner hunn Géigestänn aus der Klass gesammelt an se de Faarwe vum jeweilege Faarwemonster zou geuerdnet.



Duerno molen mir och d'Faarwemonster mat sengen gemëschte Gefiller. Hei molen d'Kanner hiert eegent Monster mam Bläistëft. Duerno molen si mat ganz villen Uelegfaarwen d'Faarwenmonster un. Zum Schluss fierwen si mat Ecolafaarwen den Hannergrond an schneiden hiert Monster eraus. Daat färdegt Faarwenmonster gëtt elo op en schwaarzen Hannergrond gepecht. D'Gefiller déi erausfléissen ginn duerch opgepechten Wollstécker duergestallt.





An enger nächster Aktivitéit, hu mir dat frout Faarwemonster mat de Waasserfaarwe giel gemoolt, duerno den Hannergrond mat Wuesfaarwen a Waasserfaarwen ganz faarweg gemolt. Wéi alles gedréchent war, hunn d'Kanner d'Faarwemonster eraus geschnidden an opgepecht.




D'Liewen ass faarweg　　Schoul Duelem C1/C2/C3




Eis Klass hëllt momentan un enger Projet vun der Museksschoul deel, wou d'Faarwemonster thematiséiert gëtt. Hei léieren d'Kanner d'Musik zu deene verschiddene Gefiller kennen, léiere Lidder an Dänz, molen op Musik,… an hunn zum Schluss e flotten Optrëtt zum Thema Faarwemonster ☺





## Cycle 2.1

# Das Farbenmonster




D'Kanner kruten d'Geschicht vum Faarwemonster firgelies an dunn hu mir zu all Faarf/Gefill een Atelier gemat.
Bei all Statioun steet e Glas. D' Kanner sollen zum Schluss vun all Statioun eppes passendes zur Faarf/Gefill op en Ziedel schreiwen an deen an d'Glas maachen.




## Statiounen :

**Giel: Freed**

Mir schwätzen driwwer wat eis frou mécht a bastelen eng Sonn:









**Blo : Trauer**
Mir schwätzen driwwer wat eis traureg mécht, lauschteren traureg Musék a jidderee soll eppes molen, wat him zur Musék afällt.








**Schwaarz: Angscht**
Firu wat hues du Angscht?
Mir bastelen en „Sockentier"







**Gréng: Rouh**

Hei maache mir Yogaübungen an d'Kanner maachen sech duerno géigesaiteg eng „Pizza-Massage".





**Rosa: Léift**

Wat heescht fir dech Léift?
Mir schreiwen/bastelen e Liebesbrief.







**Rout: Wut**


Wéini bass du richteg rosen ? Mir boxen an ee Këssen fir eis Wut lass ze ginn a maachen eng „Wütende Gedankensuppe".








## Cycle 2.2




* Drews, J. (2012). **Alles Farbe!** Beltz & Gelberg.

Mir hunn ons ganz vill verschidde Faarwen ugekuckt an iwwerluecht wou mer déi Faarwen iwwerall erëm fannen. Mir hunn zu all Faarf e Bild gemoolt.









## Theo liebt es bunt.

*Langley-Swain, S., Sturm, U. C., & Sonderegger, R. (2020). Knesebeck.


Mir hunn zesummen d' Billerbuch ugekuckt an driwwer geschwat, wéi et ass wann ee ganz aanescht ausgesait wéi di meeschte Leit. Den Dag drop si mir all ganz faarweg ugedoen an d'Schoul komm a mir hu gekuckt wien dann elo den Theo ass.






**Cycle 3.1**

# De klenge Bier an d'Fréijoer




Mir hunn am Lieskrees d'Geschicht vum klenge Bier kennegeléiert. Mir hunn iwwert d'Geschicht geschwat an duerno hunn d'Kanner faarweg Blummen a Blieder aus dem Fréijoer gesammelt a gedréchent. Si hunn domat hiert eegent, agerummtent Bild gemaach.







Duerno gouf nach e Collage mat alle Planzen an Déieren, déi mir am Fréijoer gesinn, gemaach.









**Cycle 3.2**

# Wir sind alle gleich und doch verschieden

von Marie Murray und Hanane Kai






Das von uns gewählte Buch beinhaltet mehrere Kapitel zum Thema Kultur, Religion, Bräuche und Traditionen. Auf 28 Seiten werden verschiedene Kulturen vorgestellt und die Unterschiede in den verschiedenen Kulturen hervorgehoben. Die Diversität wird in diesem Buch als positiv und Chance voneinander zu lernen dargestellt. Besonders interessant sind die auf den letzten Seiten aufgeführten Links zur weiterführenden Lektüre zum Thema und eine Art Wörterbuch. Das Wörterbuch bietet den Kindern einige Begriffe, um sich über Kulturen auszudrücken und bietet eine kurze Auflistung der im Buch erwähnten Feste, Bräuche und Traditionen.

Aktivität:

Das Buch wurde der Klasse von der Lehrerin vorgelesen. Im Anschluss an das Vorlesen bekamen die Kinder den Auftrag, Gemeinsamkeiten zu suchen und aufzulisten.
Die Kinder bemerkten schnell Gemeinsamkeiten unter den einzelnen Kulturen und sich selbst.

Danach wurde nach Unterschieden gesucht. Die Kinder haben zunächst über Kleidung gesprochen und sind zum Entschluss gekommen, dass es schön sei verschiedene Kleidung zu tragen. Auch die Unterschiede zwischen der Kleidung in der Antarktis und der Wüste fiel den Kindern rasch auf.

Im Anschluss kam das Thema Essen auf. Die Kinder zählten die Unterschiede zwischen Stäbchen, Messer und Gabel, Löffel und "mit der Hand essen" auf.

Besonders erwähnenswert ist hier, dass die Kinder sehr selbstständig und ohne großes Eingreifen der Lehrkraft eine Diskussion zum Thema Vielfältigkeit führten.

Nach der Diskussion und dem kamen die Kinder zum Fazit, dass Unterschiede nicht nur spannend und schön sind, sondern auch ein Teil von uns sind. Die Kinder merkten an, dass man keine Angst vor Unterschieden haben soll.

Als schülerzentrierte Aktivität haben die Kinder im Anschluss an die Diskussionsrunde einen Steckbrief über sich selbst ausgefüllt. Hier sollten die Kinder sich mit sich als Person auseinandersetzen. In einer zweiten Unterrichtseinheit haben die SuS ihre Steckbriefe und sich selbst vorgestellt und die Unterschiede zu den anderen erkannt und aufgelistet. Die Kinder sind zum Entschluss gekommen, dass es wichtig und schön ist verschieden zu sein.

